



CHAMBRE DES SALARIÉS
LUXEMBOURG

Discours de Nouvel An 2021

de Mme Nora BACK,

présidente de la Chambre des salariés

vers luxembourgeoise

Seul le discours prononcé fait foi.

Embargo jusqu'à 17h30 le 21.01.2021

21. Januar 2021

Här President vun der Deputéiertechamber,
Dir Dammen an dir Hären Deputéierten,
Dir Dammen an dir Häre Ministeren,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Léif Frënn vun der Chambre des salariés,

Ech begréissen iech häerzlech op desem, e bëssen speziellen, Rendez-vous fir d'Néijoresried vun der Chambre des salariés.

Mir si gewinnt dat op eng aner Art a Weis ze machen.

Mir si gewinnt eis Mitarbeiter, eis Memberen an d'Leit mat denen mer vill zesammenschaffen op enger Réceptioun ze begréissen,

Mir si gewinnt: e Bilan vun eisen Arbechten ze zéihen an en Ausbléck ze machen op eise Programm vun de nächste Méint am neie Joër.

A mir sinn och gewinnt duerno e Patt zesummen ze huelen.

An engem gesellejen Kader ze diskutieren, wou een sech mol an engem aneren Kontext geséit, mee wou awer och nei Iddien ausgetosch kënnen ginn, wou eben och dee wichtejen, mënschleschen a sozialen Kontakt méiglech ass.

Dat ass natierlech alles dest Joer aus verständleschen Grënn net méiglech. An ech sinn den éischten den bedauert dass mer dëst Joer net kënnen eis schéin Neijoschsréceptioun an der üblecher Form ofhalen.

Ech well duerfir och vun deser Plaz dem Personal an och de Memberen vun der CSL Merci soen.

Merci fir hieren aldeeglechen, onermiddlechen Asaaz och an dëse schwéieren Zäiten.

Fir di Arbecht déi d'lescht Joer gemach ginn ass.

A méi schwierigen Konditiounen wéi soss, ass ëmmer séier réagéiert ginn, sinn Texter geschriwwen ginn, Videokonferenze gemach ginn, Cours'en à distance organiséiert ginn, Avisen gemeinsam diskutéiert an ugeholl ginn, asw.

Dat war net ëmmer einfach, mee mir kruten et awer hinn fir d'Kontinuitéit vun den Aktivitéiten am Déngscht vun den Salarié'en an den Pensionéierten ze assurieren.

Dir Dammen an dir Hären,

Trotz der sanitärer Situatioun, war et mir awer wichtig fir e puer Wieder un iech ze richten, well des Neijoschsréceptioun normalerweis eng Plattform ass fir eng Rei politesch Messagen am Numm vun den Salarié'en an den Pensionéierten ze äusseren.

An ech muss leider soen dass et jo fir eis an denen leschten Méint méi schwéier ginn ass wéi soss fir Gehéier ze fannen.

Deelweis ass dat och verständlech, mir wëssen och dass Mesuren oft hu missten kuerzfristeg geholl ginn; dass huet missten séier reagiert ginn, zumols am Ufank vun der Kris; dass mussen Arbitragen gemach ginn déi net jidderéngem passen.

An awer sinn ech der Meenung dass d'Vertrieder vum Salariat unbedingt mussen méi konsequent a méi am Virfeld an d'Diskussiounen mat abezun ginn.

An dat ass elo méiglech.

Den Etat de crise ass eriwwer ; an och wa mer natierlech nach an enger Kris sinn, mussen déi üblech Konsultatiounen a Prozeduren dringend rem méi konsequent respektéiert ginn.

Dat ass och wichteg fir den Versteesdemech vun de Leit.

Mir spieren och a mir hunn dat och an eisen Avis'en geschriwwen, dass et ëmmer méi schwéier gëtt d'Mesuren vun der Regierung nozevollzéien.

Dat soll kéng Kritik un eenzelnen Mesuren sinn. Dass hu mussen Mesuren geholl ginn an och weiderhin geholl ginn, as och ganz kloer.

An mir fannen et och wichteg dass mussen verschidden Approchen berücksichtegt ginn, déi sanitär natierlech virun allem, d'Situatioun an de Spidäler, mee och di sozial, ekonomesch an psychologesch Konsequenzen dierfen net vergiess ginn. D'Konsequenzen fir di Jonk, fir d'Schüler, fir di Eeler. An natierlech och fir déi schaffend Leit déi an der éischter Rei oder an der zweeter Rei stin.

Ech sinn frou dass an der lescht och den Effet vun den Mesuren op di psychologesch Verfassung vun de Leit mat an d'Gespréich komm ass. Mir hunn dat scho méi laang gefuedert.

D'Isolatioun doheem ass e Problem, och am Télétravail.

Op der anerer Säit, de Fait dass ee muss schaffen goen an sech Risiken aussetzen ass och eng Belaschtung.

Mir präsentéieren nächst Woch d'Resultater vun eiser repräsentativer Enquête iwert d'Qualitéit vun der Arbecht zu Lëtzebuerg.

An do wäert ee ganz kloer gesinn dass déi 2020 rofgaangen ass; an dat virun allem béi denen Léit, déi net konnten op den Télétravail zréckgräifen.

Déi Léit déi net konnten op den Télétravail zréckgräifen sinn di Leit aus der éischter Rei; Leit mat schwierjen Arbechtskonditiounen wéi an der Santé; Leit zousätzlech zu den schlechten Arbechtskonditiounen, mat niddrejen Léin wéi am Commerce, am Hôtel, am Nettoyage oder am Gardiennage.

Dat sinn oft Secteuren wou vill Fraen beschäftegt sinn. Beruffer déi oft invisibel waren, sinn visibel ginn. Méi, si sinn essentiel ginn. Si hunn eist Iwwerliewen erméiglecht.

Mir hunn geklappt fir déi Leit.

Mee dat geet net duer.

Hei muss endlech och politesch, an net nëmmen gewerkschaftlech Drock gemach ginn dass sech d'Arbechtskonditiounen an d'Rémunératioun verbessert.

Wann net lo wéini dann?

Ech kann lo net am Détail drop agoen waat do alles misst geschéien well ech haut probéieren méi kuerz ze sinn wéi soss.

Als Beispiel kann een do d'Kollektivvertragsgesetz nennen, wat och een Hiewel ass wou muss ugesat ginn.

Fir et méi einfach ze maachen fir sektoriell Kollektivverträg ze kréien.

Dat ass d'ailleurs am Aklang mat der rezenter Proposition de directive vum Lëtzebuerger Commissäer Nicolas Schmit zu Bréssel fir méi fair Léin an Europa.

Dir Dammen an dir Hären,

Am Secteur vun der Santé vermëssen mer nach ëmmer e konkreten Plang fir de Secteur à moyen et à long terme besser opzestellen. Do musse lo konkret Neel mat Käpp gemach ginn.

Et ass jo offiziell vun der Regierung gesot ginn dass d'Santé kascht waat se kascht, egal wat se kascht. An dat dierf och net net nëmmen soulaang gëllen wéi des sanitär Kris undauert.

Mir hunn als CSL schon vum Joren kritiséiert, dass am Plan hospitalier Better ofgebaut ginn sinn während d'Populatioun klëmmt, dass schon an normal Zäiten d'Unzuel u Personal net duergeet fir di normal Arbechten am Gesundheitssecteur ze machen.

Dat ass fir eis wichtejen Punkt, dass lo direkt doraus Léieren gezunn ginn, dass eist Gesundheitswiesen, wou et em d'Versuergung vun eisem wichtigste geet, eiser Gesondheet elo prett gemacht gëtt, dass d'Qualitéit muss virun den ekonomeschen Iwwerleungen stoen!

A mir sinn och der Meenung, dass dat muss an de Plang afléissen deen d'Regierung deemnächst am Kader vum Semestre européen op Bréssel gëtt.

E Plang dee net nëmmen Plan de relance heescht, mee och Plan de résilience, an do denken ech dass d'Fro wéi den Gesundheitssecteur opgestallt ass, eng ganz wesentlich ass.

Dir Dammen an dir Hären,

d'Gesondheet an d'Secherheet op der Arbeitsplaz ass fir eis als Salariaatskum mer ëmmer eng Prioritéit. A kritt an Zäiten vu Corona nach eng ganz aner Bedäitung.

Mir haaten u sech wëlles d'lescht Joer en öffentlechen Colloque zu dem Thema ze organiséieren, waat leider aus denen bekannten Grënn an d'Waasser gefall ass.

Mir probéieren dat lo dëst Joer nozehuelen an eng erweidert Campagne ze maachen fir d'Salarié'en selwer, mee natierlech och d'Patron'en an d'Politik, nach méi fir dat Thema ze sensibiliséieren.

Mir gesinn, notamment opgrond vun eiser Enquête déi mer all Joer machen, dass et do eng ganz Rei negativ Entwécklungen gëtt, virun allem am psychosozialen Beräich.

Ville Leit geet et net gutt. Dozou féieren verschidde Facteuren.

An d'Digitaliséierung vun der Arbechtswelt ass hei net onbedéngt e positiven Facteur. Ech hunn och den Androck, dass dat net vun villen Leit ofgestriden gëtt, mee ech hunn awer och den Androck, dass et vun villen Leit nach net seriö genuch geholl gëtt.

Och do muss gegebenfalls legiféiert ginn; an do ginn et schon Beispiller an aneren Länner.

Mir hunn d'ailleurs och an eisen Avis'en zu de Covidgesetze kritiséiert, dass et zwar massiv Aschränkungen ginn fir d'Leit an hirem Privatleben, mat Sanktiounen wann se déi net respektéieren, mee, dass a punkto Arbeitsrecht, d'Regierung éischer mat Recommandatiounen fiert a fir d'Patron'en kéng nei kontraignant Dispositiounen geholl huet.

Och eiser Fuerderung fir d'Délégiatiounen méi anzubannen an notamment dem Délégué à la sécurité et à la santé an deser Situatioun méi Moyen'en ze ginn ass bis lo leider net Rechnung gedroen ginn.

Ech kann awer soen, och wann et schwierig war an dësen Zäiten fir sech Gehéier ze verschafen a fir mat agebonnen ze ginn, sinn awer an denen leschten Méint, verschiddene vun eisen Bedenken Rechnung gedroen ginn.

Mir hunn an eisen Avis d'Aschränkungen am Versammlungsrecht déi ee Moment virgesinn woren stark kritiséiert. Déi sinn zréckgeholl ginn.

Mir hunn gesot d'Leit bréchten méi Zäit fir hiren Krankeschäin eranzeginn wann se an Quarantaine oder Isolatioun mussen goen. Och do ass legiféiert ginn.

Mir hunn an eiser Note iwert eng Stratégie de relance Bons de consommation gefrot fir d'Leit an d'lokal Economie ze ënnerstëtzen.

Mir hunn och zum Bäispill eng Verbesserung vun der Allocation de vie chère gefuedert.

Och dat ass geschitt, wann och net an dem Mooss wéi mir et gefrot haaten.

Mir hun eis derfir agesat dass dest Joer méi laang wéi soss kënnen Léierverträg ofgeschloss ginn, respektiv d'Betribler déi an deser Situatioun ausbilden eng speziell Ënnerstëtzung kréien. Och dat ass geschitt.

Mir hunn béi verschiddenen Punkten, notamment beim Congé pour raisons familiales op di speziell Situatioun vun den Frontaliers'en opmierksam gemach. Och do goufen d'Texter ugepasst.

Haut huet och dee leschten verstanen dass mer op d'Grenzgänger ugewisen sinn.

Mir dierfen eis Politik, virun allem och d'Sozialpolitik, net méi national denken. Déi muss grousregionale geduecht fin. Och wann et eppes méi kascht.

A wann een onbedéngt wëll, ech méngen d'Kostenutzenrechnung ass an dem Fall séier gemach.

Do mussen mer och oppassen dass béi der geplangter Kannergeldreform net nei Discriminatiounen enstien.

Dat sinn alles positiv Punkten. Mee leider ass et awer och sou dass eng Rei Sujet'en op der Stréck bloufen bis lo.

Déi schlëmmste Beispiller si sécherlech d'Inégalitëten an d'Kafkraft vun de Leit, Punkten op dene bis elo leider wéineg geschitt ass.

Et feelt hei och, selwecht wéi op sanitärem an um psychosozialen Plang, eng Analyse vum Impakt vun der Kris a vun de Mesuren déi bis lo geholl goufen.

D'Inegalitéiten waren schons virun der Kris e groussen Problem a si riskéieren duerch d'Kris verschärft ze ginn.

Wëllen mer et souwéit kommen lossen oder wëllen mer virbeugend handelen an probéieren déi Entwécklung ze stoppen?

Firwat net lo d'Kannergeld erhéijen em 7% an réindexéieren wéi d'CSL et virgeschloen huet an enger Proposition de loi déi prett ass fir gestëmmt ze ginn ?

Firwat lo op den 1. Januar d'Allocation de vie chère rofsetzen par rapport zu 2020 amplaz se definitiv substantiell ze heijen fir den Kafkraftverloscht vun denen leschten Joren auszegläichen ?

Firwat net lo di verschidden Steierkrediter a virun allem de Steierkredit vun den Monoparentaux héijen, déi virun allem denen Ménagen mat männer héijen Revenu'en ze gutt kommen ?

Et muss och um Niveau vun denen niddrejen Pensiounen, *notamment béi der Mindestrent* zu Verbesserungen kommen. Mir sinn do amgaangen als CSL eng Proposition de loi auszeschaffen, och fir ze verhënneren dass et zu Dégradatiounen béi der Allocation de fin d'année a béi dem Réajustement vun den Pensiounen, kënnt.

Dat sinn alles einfach Mesuren. Do kéint ganz séier en Text gemach ginn fir déi Upassungen ze machen. Oder wëll d'Regierung léiwer ofwarden wéi d'Inegalitéiten weider geklomme sinn? Och feelt et eis un enger klorer Visioun un Ziler fir d'Inegalitéiten ze reduzéieren.

Mir hunn an eisem Budgetsavis e Plan d'action mat konkreten Ziler a Mossnahmen gefuedert.

Ech rappeléieren dass Lëtzerbuerg op europäeschem Niveau sou konkret Ziler haat wat d'Réduktioun vun Armutsrisiko betrëfft. Dat am Kader vun der Statégie EU2020.

Do ass kläglesch versot ginn, well amplaz dee Risiko wéi virgesinn ze reduzéieren, ass e massiv an d'Lutt gaangen an denen leschten Joren. Dat dierf net sou weidergoen.

Mir setzen eis och am Umweltberäich nei Ziler; an dat zu Recht. Dat ass ganz kloer.

Mee ech hunn e bëssen den Androck, dass dee sozialen Volet, zwar net an der Rieder, mee an den konkreten Mesuren ze kuerz kënnt.

Mir hunn dat gesinn, notamment béi der Aféierung vun der CO2-Steier zu Lëtzebuerg.

Emweltpolitësch Mesuren mussen sozialgerecht sinn wann se sollen vun enger Majoritéit vun de Leit matgedroen ginn.

Och d'Hëllefden déi et an dem Beräich ginn, sief e fir den Bau oder d'Renovatioun vun Heiser, sief et fir Elektroautoen, sinn net un sozial Kritären gebonnen, sou dass ee muss fäerten dass do zum Deel eng Emverdeelung vun ënnen no uewen stattfënnt.

Dir Dammen an dir Hären,

D'Transition écologique an d'Digitaliséierung sinn 2 grouss Challenges: fir eis Gesellschaft, fir d'Entreprises an awer och fir d'Salarié'en.

Di néideg Adaptatioun déi kommen mussen, sollen am Sozialdialog zesummendiskutéiert ginn wann d'Regierung gären hätt dass se vun de Leit matgedroen ginn.

Mir hunn als CSL an denen 2 Beräicher vill geschafft am leschten Joer an si wäerten och 2021 op eiser Agenda stoen. Mir hunn zum Beispill Texter ausgeschafft: fir d'Déconnexion ze garantéieren oder fir d'Plattformarbecht juristesch ze enkadréieren.

Den éischten gëtt am Moment am Conseil économique et social diskutéiert ; den zweeten ass un den zoustännejen Minister gaangen a kann och diskutéiert ginn.

Dir Dammen an dir Hären,

Mir sinn natierlech och weiderhin aktiv fir nei Formatiounen unzbidden fir de Leit et ze erméiglechen sech weiderzebilden.

Wat Weiterbildung ugeet war 2020 eng Herausforderung, fir et positiv auszudrécken. No der Ukënnegung am Mäerz vun der Regierung an den Lockdown ze goen huet den Weiterbildungszentrum vun der CSL sech schnell missten ëmstellen fir hiren Ressortissante weider kennen Formatiounen unzbidden.

Sou konnte mer d'lescht Joer iwwert 3/4 vun eise Coursen awer halen. Dëst gouf erméiglecht duerch d'Mobiliséierung an d'Bedelegung vun eisen Equippen, Partner an eisen Formateuren.

An ech soen hinnen MERCI fir déi enorm Aarbecht déi si geleescht hunn.

Mäi Merci a Respekt geet och un all d'Participanten fir hirt Vertrauen, hirt Engagement an hirt Entschlossenheet. Si hunn d'Herausforderungen vun Homeoffice, Homeschooling vun de Kanner an hir eegen Coursen gemeeschtert.

Fir 2020, trotz Pandemie, sinn dat ëmmerhin iwwert 12.000 Kandidaten déi un eisen Formatiounen deelgeholl hunn.

Mir hunn an de leschte Méint ganz vill missten an den Distance Learning investéieren a mir wäerten et dëst Joer weider ausbauen. Dat heescht awer net dass mir elo all eis Formatiounen wëllen digitaliséieren. Fir eis bleift dat soziaalt Element, d'Interaktioun, den Austausch, an di mënschlech Relatiounen an engem classeschen Formatiounssall immens wichteg.

Den LLLC wäert an Zukunft weider classesch Formatiounen en présentiel ubidden, mais mir wäerten awer och ëmmer méi an den Blended Learning investéieren, wat e Mix ass aus «présentiel» an «distanciel».

2020 hu mir och vill an Formatiounsprojeten investéiert fir Leit déi eng Aarbecht sichen.

Mir hunn do eng Partie Projete en Collaboratioun mat der Adem oder mam Aarbechtsministère lafen .

Mir hunn insgesamt iwwert 1.100 Demandeurs d'Emploi geschoult, haaptsächlech am digitale Beräich fir hir Chancen ze héijen eng Aarbecht ze fannen.

Dëst Joer wäert d'CSL weider an Formatiounsprojeten fir d'Aarbechtssichender investéieren.

Esou fänkt zum Beispill elo am Februar, no enger Pilotphase, den Projet Futureskills, den vum Aarbechtsministère gedroen gëtt, un.

Et ass en Distance Learning Programme vun 3 Méint den mir an Zesummenaarbecht mat der Chambre de Commerce opgebaut hunn fir ronn 500 Demandeuren ze schoulen.

Ech profitéieren vun dëser Geleeënheet, fir ze betounen dat Weiterbildung en wichtege Element ass fir Aarbechtsplazen ze schützen, och grad an dësen Zäiten. An dem Kontext machen ech nach eng kéier en Appell un d'Regierung verschidde gutt Mesuren déi am Regierungsprogramm virgesinn sinn schnellsens ëmzesetzen. Ech huelen hei als Beispill den „Compte personnel de formation“ oder den „Droit à la formation“.

Eis Chamber ass natierlech prett déi Mesuren aus dem Koalitiounsaccord mat hëllef auszeschaffen.

Mir hunn an de leschte Méint erliewt datt wann de Wëllen do ass, Mesuren ganz schnell ëmgesat kënne ginn.

Fir den Volet Weiterbildung ofzeschleissen well ech iech och nach informéieren datt eis Chamber am 2. Semester dëst Joer en duebelen Jubiläum feiert.

Mir feiere 50 Joer Berufflech Weiterbildung vun der CSL wou alles, schonn deemools, mat Informatikscoursen ugefaangen huet.

An mir feieren 25 Joer Universitär Weiterbildung wou mir hei am Land «Précurseur» waren fir Bacheloren oder Masteren an der Formation Continue ze proposéieren.

Mir hoffen natierlech datt di sanitär Situatioun eis et bis dohinner wäert erlaben «normal» en présentiel zesummen ze feieren.

Dir Dammen an dir Häre,

Ech haat jo gesot ech géif et haut méi kuerz maachen well ech är Gedold net well strapazéieren.

Duerfir konnt ech leider eng ganz Rei wichteg Sujet'en guer net, oder nëmmen um Rand uschwätzen wéi d'Steiergerechtheet, wéi d'Investissementer, wéi d'Statsfinanzen, wéi de Logement, asw.

D'Steieren bleiwen awer e wichtegt Thema. Di geplangte Reform konnt lescht Joer net gemach ginn ; si muss awer kommen. Ech hunn vun den Inegalitéiten geschwat. Eise Steiersystem dréit zu hinnen béi an dat muss onbedéngt geänert ginn.

An et wier och inakzeptabel dass wann et eng Kéier drëm geet fir d'Statsfinanzen ze konsolidéieren, dass do wéi béi der leschter Kris rem eng Kéier géif den Duerchschnittsménage am meeschten belascht ginn. Vill räicher sinn an denen leschten Joren ëmmer méi räich ginn. Si mussen deementspriechend zu den Staatsfinanzen béidroen. Et ginn immens vill Usatzpunkten an eng grouss Marge fir den Steiersystem méi sozialgerecht ze maachen.

Mir hunn do schons vill Proposen gemach.

Och am Beräich vum Logement hu mer schon viles proposéiert. D'Präishausse schéngt duerch Corona net gebremst ze sinn. Et ginn 2-3 gutt Usätz am Budgetsgesetz, mee dat geet béi wäitem net duer fir d'Problematik vun der extremer Präishausse an de Grëff ze kréien.

Mir fuerderen dass do méi aschneidend Mesuren geholl ginn géint d'Spekulatioun an d'Zréckhalen vun Terrain'en. Waat de Projet vum neien Loyersgesetz betrëfft ass dat kéng Verbesserung. E riskéiert souguer kontraproduktiv ze sinn. Dee muss nach eng Kéier grondlegend iwerschafft ginn wann ee wirklech eppes fir d'Locataire wëll machen.

Mee wéi gesot ech wëll lo ofschléissen an är Gedold net weider strapazéieren, well mer wäerten och souwiesu an den nächsten Wochen a Méint secher nach op déi Dossier'en zrëckkommen.

Ech soen iech Meri fir d'Nolauschteren a wënschen iech all Gudds, a virun allem eng gudd Gesondheet fir 2021!

Lëtzebuerg, den 21.01.2021